PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Den europäesche Rechnungshaff huet rezent an engem Rapport op déi negativ Auswierkungen vu Kaméidi op d'physesch a mental Gesondheet vun de Bierger higewisen. De Rapport ënnersträicht, datt dëse Problem an Europa nach ëmmer ënnerschat gëtt an net genuch Moossname geholl ginn, fir de Kaméidipegel ze reduzéieren.

D'Belästegung duerch Kaméidi ass net nëmmen e lokale Problem, mee beträfft och eis Nopeschlänner. Fir d'Liewensqualitéit an d'Gesondheet vun eise Bierger ze schützen, ass et wichteg, datt mir zu Lëtzebuerg eng Virreiderroll anhuelen an e besonnesche Schwéierpunkt op d'Präventioun an d'Reduktioun vun der Belästegung duerch Kaméidi leeën.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname gedenkt d'Regierung ze huelen, fir de Kaméidipegel zu Lëtzebuerg nohalteg ze reduzéieren a wéi eng Zesummenaarbecht gëtt et mat den Nopeschlänner an dësem Beräich?

2. Ginn et aktuell Etüden iwwer d'Auswierkunge vu Kaméidi op d'Gesondheet zu Lëtzebuerg a wéi gedenkt d'Regierung dës Erkenntnisser an hir Politik anzebauen?

3. Wéi kann d'Regierung sécherstellen, datt d'Gemengen an d'Entreprisen hir Verantwortung iwwerhuelen, fir de Kaméidi an hire Beräicher ze reduzéieren, a ginn et Pläng fir méi streng Grenzwäerter anzeféieren?

4. Wéi gedenkt d'Regierung d'Sensibiliséierung an d'Opklärung vun de Bierger iwwer d'Gefor vu Kaméidi ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten